N°2102
Entrée le 22.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch op d'parlamentaresch Fro n°2102 vum 17. März 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen betreffend de « Nouveau Partenariat public-privé (PPP) pour la réalisation de logements abordables ».**

1. **Wéi gesäit den aktuelle Stand vun de Pilotprojeten aus? Kann de Minister d'Projeten oplëschten?**

Aktuell ginn nach keng Pilotprojete realiséiert. Wat Pilotprojete betrëfft, déi op privaten Terrainen entstoe sollen, ginn am Moment Präparatiounen getraff. Duerno ass virgesinn, en Appel à projets ze lancéieren.

Fir Pilotprojeten am Kontext vum PPP fir "logements salariés" op privaten Terrainen ass zur Zäit näischt Konkretes virgesinn. Mee de Beräich vum bezuelbare Logement fir Salariéë gëtt am gesetzleche Kader vum Logement abordable behandelt. An deem Kontext féiert d'Regierung Gespréicher mat Acteuren aus verschiddene Beräicher, fir iwwer dësen etabléierte Wee esou Logementer méiglech ze maachen.

2. **Wéi eng Projeten ginn aktuell gebaut a wéi vill Projeten ginn haut scho fir d'Wunne genotzt?**

Zum aktuellen Zäitpunkt ginn nach keng Pilotprojete gebaut oder genotzt. De Fokus läit zur Zäit op der virbereedender Evaluatioun an dem Kläre vun de juristeschen an administrativen Aspekter.

3. **Am Staatsbudget 2024 hat d'Regierung sech mat 222 Milliounen virgeholl, fir proaktiv Immobilieprojeten opzekafen (VEFA) fir esou d'Unzuel un erschwéngleche Wunnengen an ëffentlecher Hand signifikativ opzestocken.**
    - **Wéi vill Wunnengen goufen 2024 kaf a wat huet de Staat dofir bezuelt?**
    - **Wéini kënnen dës Wunnengen bewunnt ginn?**

Am Joer 2024 huet de Staat Akten ënnerschriwwe fir 208 Wunnengen an huet dofir Ronn 126 Millioune bezuelt.

Déi éischte 25 Wunnenge kënnen am Laf vun de nächste Woche bewunnt ginn. 23 weider Wunnengen erwaarde mir am 2 Semester 2025. Am Joer 2026 gi 76 Wunnenge fäerdeg an am Laf vum 1. Semester 2027 gi 84 abordabel Wunnenge prett fir an d'Locatioun.

Lëtzebuerg, den 22. Abrëll 2025
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch